Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

De 14. Januar 2020 wäert de Support fir d'Betribssystem Windows 7 stoppen. Ab dësem Moment wäerten dem Endnotzer vu Windows 7 keng Sécherheetsupdaten méi zur Verfügung gestallt ginn. Organisatiounen, déi speziell Firmelizenze kaaft hunn, kënnen dogéint weider ee Support kréie, wann d'Organisatioun dëse Service bezilt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Ministère, op wéi ville Computeren ass aktuell ee Windows 7 Betribssystem installéiert? Op wéi ville vun dëse Computere gëtt Windows 7 nach benotzt?

2. Besëtzt d'Regierung fir d'Joer 2020 eng Alternativ zu de Windows 7 Lizenzen?
   - Falls jo, wéi ee Betribssystem wäert d'Regierung asetzen? Wéi vill kascht d'Ersetze vun alle Windows 7 Lizenzen?
   - Falls nee, wäert d'Regierung mat Windows 7 weiderfueren? Huet d'Regierung vir, dëse Support ze bezuelen a falls jo,mat wéi enge Käschten rechent de d'Regierung?

3. Vu, dass d'beim Staat aktuell 99% vun de Betribssystemer op Windows lafen (Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°484) an d'Regierung aktuell keng Efforte wäert maachen d'Betribssystemer op Open Source ëmzestellen (Refus vun der Open Source Motioun vun der Piraten vum 3.7.2019), wéi vill Sue wäert de Staat bis 2023 all Joer fir d'Windows Lizenze bezuelen? Bis wéini sinn déi aktuell WIndows Lizenzen nach gëlteg?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange